



ALTERNATIV DEMOKRATESCH  
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23. Dezember 2021

Här President,  
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden echlech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm  
Gesondheitsminister weiderzeleeden.

D'Regierung deelt reegelméisseg Zuelen a Statistiken zur Corona-Situatioun zu Lëtzebuerg  
mat. Sou ginn de Leit ënner anerem an der Santé hirem Wocheblick a Besuch op Covid19  
spezifesch Informatiounen vermëttelt. Et sinn awer ëmmer nees Detailfroen, déi sech stellen, an  
déi sech aus den opgefouerten Zuelen a Statistiken net beäntwert loossen.

An deem Kontext wéilt ech der Madamm Gesondheitsminister gär folgend Froen stellen:

- 1) Mëttlerweil sinn zu Lëtzebuerg méi wéi 97.000 positiv PCR-Tester gemaach ginn.
  - a) Wéi vill net geimpfte Persounen goufen op d'mannst eemol op en Neits positif  
getest - woubäi dat positiivt Resultat vun de PCR-Tester zäitlech wäit genuch  
ausernee lounge, datt ee vun enger neier Infektiounen ausgoe kann, an net vun  
derselwechter?  
  
Wéi vill vun dësen op en Neits positif geteste Persounen, déi net geimpft sinn, hu  
mussen hospitaliséiert ginn?
  - b) Wéi vill Persounen goufen als net geimpfte Persoun positiv getest an no enger  
Covid-Impfung op en Neits positif getest?  
  
Wéi vill vun dësen op en Neits positif geteste Persounen, hu mussen hospitaliséiert  
ginn?
- 2) De Leit gëtt matgedeelt, wéi vill Neiinfektiounen festgehale gi sinn a wéi den  
Inzidenztaux sech hei weist. Dobäi gëtt dann och tëscht vollstänneg geimpfte  
Persounen an net geimpfte Persounen differenziert.
  - a) Ass d'Madamm Minister gewëllt, de Leit zousätzlech matzedeele, wéi vill  
vollstänneg geimpfte Persounen a wéi vill net geimpfte Persounen jee weils getest gi  
sinn, onofhängeg vum Resultat?
  - b) Wier et net sënnavoll, d'Inzidenz fir geimpften an net geimpfte Persounen separat ze  
kucken, also den Taux vu positiven Tester bei geimpfte Persounen an den Taux vu  
positiven Tester bei net geimpfte Persounen?

- 3) Am Reegelfall gëtt den Impfstatus vu Persounen, déi un oder mat Covid19 gestuerwe sinn, net matgedeelt. Kann d'Madamm Minister soen, wéi vill Persoune bis haut un oder mat Covid19 gestuerwe sinn, déi
- zum Deel geimpft waren;
  - vollstänneg geimpft waren;
  - scho mam Booster geimpft waren?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen  
Deputéierten